N°3217
Entrée le 15.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3217 vum 20. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

*1. Ass d'Valeur lettre-clé vun deenen uewe genannte Prestatairen indexéiert?*

Konform zum Artikel 66, Alinea 2 vum Code vun der sozialer Sécherheet, ass all "*Valeur lettre-clé*" vun den do ernimmte Prestatairen (Diététiciens, Infirmiers, Orthophonistes, Psychomotriciens, Sages-femmes, Soins-palliatifs) indexéiert.

*2. Falls jo, wéi erkläert d'Regierung, dass Prestatairë, deenen hir Valeur lettre-clé schonn indexéiert ass, eng zousätzlech Augmentatioun vun der Valeur lettre-clé kréien, wärend d'Laboen, deenen hir Valeur net indexéiert ass, mol net d'Kompensatioun fir d'Käschtenerhéijungen (wéi den Index op d'Salairen an d'Hausse vun de Käschten duerch d'Inflatioun) kréien, mee am Géigendeel souguer eng Reduktioun vun 10% mussen hinhuelen?*

De Code vun der sozialer Sécherheet gesäit keng automatesch Indexatioun vir vun der *Valeur lettre-clé* betreffend d'Akten a Servicer wou an der *Nomenclature des actes et services des laboratoires d'analyses médicales et de biologie clinique*[1] stinn. Den Artikel 67 vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit awer eng Revalorisatioun vun der *Lettre-clé* vun den Akten a Servicer vun de Laboratoirë vir, déi dierf awer net méi héich si wéi *d'variation de la moyenne annuelle de l'indice du coût de la vie entre la quatrième et la deuxième année précédant l'exercice en cause.* Dementspriechend kann se d'ganz Indexatioun ofdecke mee muss awer net, d'Héicht vun der Adaptatioun ass Géigestand vu Verhandlungen tëscht der CNS an de Representant'e vun de Labo'en.

Onofhängeg vun deenen Adaptatiounen di am Artikel 67 vum Code vun der sozialer Sécherheet virgesi sin, ass ze bemierken dat déi viséiert *Valeur lettre-clé* schonn an der Vergaangenheet gesetzlech (also en dehors vum Code) ugepasst gouf. Déi lescht Upassung ass eng Reduktioun vun der *Lettre-clé* ëm 10% a gouf am Artikel 35 vum Gesetz betreffend de Staatsbudget fir d'Recetten an d'Ausgaben am Joer 2025 festgeluecht *« … en cohérence avec les dispositions décidées lors de la dernière refixation par voie légale en 2019, la valeur lettre clé est réduite de 10 pour cent par rapport à sa valeur actuelle, et fixée par conséquent à 0,29139 à partir du 1er janvier 2025. »*[2]

---

[1] Règlement grand-ducal modifié du 30 novembre 2017 arrêtant la nomenclature des actes et services des laboratoires d'analyses médicales et de biologie clinique pris en charge par l'assurance maladie

[2] Budget de l'Etat 2025, Art. 35. Mesure en matière d'assurance maladie : Valeur de la lettre-clé des laboratoires d'analyses médicales et de biologie clinique, pages 133-134. Extrait: « .. *la valeur de la lettre-clé applicable au 1er janvier 2019 avait dès lors été augmentée de cinq pour cent au moyen d'une disposition inscrite au budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 (art. 33).* » Lien : https://budget.public.lu/dam-assets/lb/budget2025/links-dokumenter/pb2025-volume-1-web-bookmarks-lr-corr-4.pdf

*3. Wéi justifiéiert d'Regierung dës Praxis am Interessi vun enger qualitativ héichwäerteger Versuergung vun de Patienten?*

D'Prise en Charge vun den Akten a Servicer vun de Laboratoiren zu Lëtzebuerg ass vollstänneg op d'medezinesch Bedierfnesser vun den Assuréen ofgestëmmt. D'Akten a Service ginn integral via Tiers-payant vun der Gesondheetskeess (CNS) en Charge geholl, dat heescht zu 100% vum Tarif deen an der Nomenclature vun de Laboratoirë virgesinn ass an ouni dass den Assuré d'Käschte virstrecke muss.

Ausserdeem hunn d'Vernetzung vun de *Centres de prélèvement* an d'Offer vun de Servicer vun de Laboratoiren sech an de leschte Jore staark entwéckelt. Am Endeffekt profitéieren d'Assuréë vun enger ganz favorabeler Prise en Charge, an d'Finanzéierung vun de private Laboratoiren duerch d'CNS ënnerstëtzt d'positiv Entwécklung vun de Servicer, déi de Patienten ugebuede ginn.

Lëtzebuerg, den 15. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez